

Lëtzebuerg, den 22. November 2018

## **Bewäertungsgespräicher op Äis geluecht**

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

An eisem **Communiqué vum 5. November 2018** hate mir drop higewisen, dass aktuell déi falsch Enseignanten an den « *Entretien d'appréciation des compétences professionnelles* » invitéiert ginn. A kengem offizielle Reglement steet nämlech, dass d'Enseignanten an der E-Karriär no 20 Joer ab hirer éischer Nominatioun sollte bewäert ginn, sou wéi dat an der neier A-Karriär de Fall ass. Och d'Bewäertung no 12 Joer ab der éischer Nominatioun gëllt net d'office fir all Agent an der E-Karriär. Entscheedend ass nämlech den Zäitpunkt vum **Erreeche vum Echelon 14** a sengem jeweilege Grad.

No der fundéierter a sachlecher Interventioun (*cf. Communiqué 5.11.*) vum Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP beim MENJE, goufen elo d'**Bewäertungsgespräicher vun den Enseignanten an der E-Karriär op Äis geluecht.**

Elo ginn nei Lëschte mat Nimm erstellt, déi eng Appreciatioun zum **Zäitpunkt vum Erreeche vum Echelon 14** virgesinn, sou wéi et am Gesetz vun 2015 virgeschriwwen ass a wéi mir et an eisem leschte Communiqué ausféierlech duergestallt hunn.

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP begréisst déi schliisslech zilféierend Diskussiounen mam MENJE an hofft, dass esou konstruktiv Gespräicher an Zukunft och mat de Responsabele vum Ministère vun der Fonction publique wäerte méiglech sinn.

**Onofhängeg dovu schléisst sech de Comité vun der Féduse/Enseignement der Fuerderung vun eisem Daachverband CGFP un, de Bewäertungssystem komplett ofzeschaffen!** Dese bréngt nämlech keng reell Plus-value fir en Agent beim Staat, scho guer net am Enseignement, mat sech. An der Praxis geet vill wäertvoll Zäit an Energie bei alle Betraffenen doduerch verluer. Eis Aarbecht ass per se schonn transparent, wann ee bedenkt, dass jidder Enseignant um Enn vun all Trimester bei senger Direktioun a bei de Kollegen am Conseil de classe fir d'Notte vu senger Schüler riichtstoe muss, an dat vis-à-vis vun de Schüler an hiren Elteren am Alldag souwisou och.

Mat beschte Gréiss,

de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP